



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 14. Juli 2023**

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro iwwer d'Héichwaasserschied un d'Madamm Finanzministesch an d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

An engem Artikel am *Lëtzebuurger Wort* vum 14. Juli ass ze liesen, dass d'Hëllef fir d'Schied vun den Héichwaasserkatastrophen ausbezuelgt gi sinn. An Zukunft wäere no Präiwung vun den Dossier'en keng weider finanziell Ennerstëtzung méi ze erwaarden. Déi ausbezuelten Zomme ginn Aussoe vun de Gemengeresponsabelen awer net duer, fir déi 2021 entstane Schied an de Gemenge ganz ze couvréieren, wat déi concernéiert Gemengen a finanziell Schwieregkeete kéint bréngen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamme Minister riichten:

- Wéi vill Geld ass insgesamt aus dem Hëllefspak vun der Regierung un d'Gemengen ausbezuelgt ginn? Wéi eng Zomme ass vun de Gemengen ugefrot ginn? Wéi vill Prozent vun den ugefrotene Indemnisationen sinn an den anere Gemengen ausbezuelgt ginn?
- Kënnen d'Madamme Minister d'Informatiounen confirméieren, dass keng weider Suen un déi concernéiert Gemengen ausbezuelgt ginn? Wa jo – firwat?
- Wa jo – ginn et nach aner Fongen, wéi z. Bsp. e Katastrophefong, bei deem d'Gemenge kënnen Hëllef ufroen?
- Wat gedenkt d'Regierung an Zukunft ze ennerhuelen, fir d'Gemengen a sou Katastrophefäll besser kënnen ze ennerstëtzen?

Här President, mir bidden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Max Hengel**

**Léon Gloden**

**Octavie Modert**

**Deputéiert**